# How to: Schneideplotter

## Eng Kéier de ganze Prozess

### 1. App eroflueden

Fir mam Schneideplotter Silhouette Cameo 5 ze schaffen, muss een eng vun 2 Appen benotzen:

- Silhouette Go

Dës App ass kompatibel mat Smartphones an Tabletten. Si ass ideal fir e fäerdegt Design direkt ze schneiden. Do kanns du eng Foto vun dem wats du um Pabeier oder digital (z.B. Adobe Fresco, Procreate) gezeechent hues ganz einfach eroplueden an ausschneide loossen. Alternativ kanns du och an der App en Text schreiwen an eng passend Schrëftaart auswielen.

- Silhouette Studio

Dës App kann ee just um Laptop oder Computer eroflueden. Si kann dat wat d'*Silhouette Go* kann an nach méi. Hei kanns du selwer Designs erstellen oder en importéiert Design modifizéieren. Wenns du an engem Design méi Faarwe wëlls uwenden, dann ass dat och méiglech.

### 2. Design erstellen

Fir en Design schneiden ze kënnen, muss een als éischt en Design erstellen. Dës kanns du analog um Pabeier maachen oder digital.

- Analog

Mol däin Design mat engem däischteren Tuschbic op e Pabeier. Du kanns och virdru mat engem Bläistëft skizzéieren an dono d'Spueren of radéieren.

Wenns du mat denger Zeechnung zefridde bass, da maach eng Foto oder e Scann dovunner.

Opgepasst: Wenns du mat der App *Silhouette Go* schaffs, dann dierf kee Rand a keng ongewollten Elementer mat op der Foto hunn drop sinn. Falls dat awer de Fall ass, dann d'Foto entspriechend zouschneiden.

- Digital

Hei ginn et vill Méiglechkeeten en Design ze erstellen, wichteg ass et datts du den Design als Bild (.jpg/ .jpeg/ .png) kanns ofspäicheren. Eng Méiglechkeet ass et den Design op Adobe Fresco ze erstellen, dës App ass um iPad gratis. Hei kanns du mam Apple Pen däin Design zeechnen. Klengen Tipp: Benotz just de Vektor-Pinsel an eng Mindestdéckt vum Pinsel vun 10 pt.

## 3. Design an der App preparéieren

**<u>Silhouette Go</u>** *(Smartphone/ Tablett)*
An just e puer Schrëtt ass den Design prett fir geschnidden ze ginn:

1. Bild importéieren

Plus ënne lénks drécken -> Plus ënnen an der Mëtt drécken -> Bild eraussichen

2. Image Trace (= Konturen nofueren)

Déi rout Linne weisen un, wéi de Schneideplotter wäert schneiden. Mat Hëllef un de Reegleren kanns du d'Konturen upassen.

3. Richteg Positionéieren

Lee d'Folie uewe lénks op d'Matt. Pass d'Gréisst vum Design un. Placéier den Design uewe lénks an den Eck, esou datt en op d'Folie op der Matt passt.

4. Matt afügen

Um Schneideplotter si vill wäiss Linnen gezeechent, ganz lénks ass e Feil ▶ ze fannen. Un dësem Feil ▶ d'Matt alignéieren a liicht bäidrécken. Um Ecran dann de klenge Feil no uewen ^ drécken. D'Matt muss am Schneideplotter riicht leien, wenn dat net de Fall ass, dann d'Matt erëm raus huelen mam Feil v no ënnen.

5. Lescht Astellungen

Dréck "Send" uewe riets an der App. Selektionéier fir den "Carriage 1" (2 gëtt net gebraucht) folgendes: Vinyl Matte, Cut, Autoblade (ka vum Material ofhänken). Dann NET op "Continue" drécken, mee op "Test or modify settings". Hei gëtt d'Messer agestallt, kuck fir déi richteg Astellungen beim Kapitel *Material-spezifesch*. Zweemol weider drécken, dann de Schneideplotter (CAMEO 5-993511C) auswielen. Weider bis zum Schluss an dann "SEND" drécken.

**<u>Silhouette Studio</u>** *(Computer/ Laptop)*
Fir ze starten uewe riets an der Leescht op "DESIGN" klicken.

1. Bild importéieren

File -> Open... -> Bild eraussichen

2. Image Trace (= Konturen nofueren)

Fir d'Konture vum Design ze kréien, riets op der Leescht op de Päiperlek ("Trace") klicken. Doduerch geet eng Fënster op, do dann "Select Trace Area" auswielen. Elo kanns du mat der Maus alles markéieren, dats du gäre wëlls ausschneiden. Mat Hëllef un de Reegleren kanns du d'Konturen upassen. Da klick op "Trace" a läsch d'Bild.

3. & 4. Richteg Positionéieren & Matt afügen

Wéi uewe bei *Silhouette Go*.

5. Lescht Astellungen

Klick uewe riets an der Leescht op "SEND". Direkt ënnert der schwaarzer Leescht steet "Standard", do drop klicken. De Schneideplotter wäert sech automatesch verbannen.

Material, Action and Tool: Vinyl Matte, Cut, Autoblade

Modify Settings: Speed 10, Blade Depth 5, Force 7, Passes 1

Dann ënnen riets op "SEND" klicken.

### 4. Folie preparéieren

D'Matt aus dem Schneideplotter huelen (um Ecran Feil no ënnen ᐯ drécken). D'Folie vun der Matt trennen. Mat engem Hocken ("Entgitterhaken") d'Folie, déi ze vill ass erofzéien.

### 5. Finaliséieren

De Finish hänkt ganz zum Material of, dofir geet et do weider mat der Erklärung.

# Material-spezifesch

## Stickerfolie fir Wandsticker

Astellunge fir de Schneideplotter

- Material, Action and Tool: Vinyl Matte, Cut, Autoblade
- Modify Settings: Speed 10, Blade Depth 5, Force 7, Passes 1

Fir de perfekte Finish

- Transfertfolie op d'Stickerfolie peschen.
- Mat enger Rakel (bloe Rechteck) driwwer fueren.
- D'Plastikfolie ofzéien, sou datt den Design op der Transfertfolie päsche bleift.
- Den Design op enger Mauer oder op Glas befestegen a nach eng Kéier mat der Rakel driwwer fueren.
- D'Transfertfolie virsichteg erofzéien.

## Flexfolie fir Textil

Astellunge fir de Schneideplotter

- Material, Action and Tool: Vinyl Matte, Cut, Autoblade
- Modify Settings: Speed 10, Blade Depth 5, Force 7, Passes 1

Opgepasst

- D'Folie mat der matter Säit no uewe pechen.
- An der App den Design spigelverkéiert dréien an esou schneiden.

Fir de perfekte Finish

- Fir d'Finalisatioun muss d'Folie op Stoff fixéiert ginn, dat gëtt mat der Heatpress gemaach.
- Heatpress
  - Si gëtt bis 150 - 180°C waarm - dat ass d'Temperatur vum Schäffchen -> Verbrennungsgefor!
  - Do ass en Timer vun 30 Sekonnen, esou laang muss d'Heatpress um Stoff bleiwen.
  - Den Timer soll gedréckt ginn fir gestart ze ginn a wenn e fäerdeg ass.
  - Bei der Uwendung vun der Heatpress den roude Grëff paken an fest no ënnen drécken.
- Prozess
  - Optional: De Stoff vir wiermen. Dofir gëtt wéi follgend geschicht (vun ënnen no uewen): Schwamm-Ënnersetzer + Stoff + Schutzfolie + Heatpress
  - Mat der Folie (vun ënnen no uewen): Schwamm-Ënnersetzer + Stoff + Design + Schutzfolie + Heatpress
  - Dann de Plastik erofzéien soubal e net méi gliddeg ass (ongeféier 6 Sekonnen waarden), net ze laang waarden.
  - Tipp: Den Transfert geet besser, wenn de Stoff schonn eng Kéier gewäsch gouf.

# Problemer?

## Zur App Silhouette GO

**Ech fanne mäi Bild net fir et an d'App Silhouette Go anzefügen.**

Dann benotzt zu warscheinlech en iPhone oder en iPad. An dem Fall späicher deng Foto an de Fichiers/Dateien/Files of.

**Ech ka mäi Bild net an de Silhouette Go importéieren well den Datei-Typ net ënnerstëtzt gëtt.**

Do ginn et verschidde Léisungsméiglechkeeten:

- Maach bei der Kamera de Live Modus aus a maach eng nei Foto.
- Maach e Screenshot vun der Foto a schneit ze zou.
- Maach d'Foto direkt an der App. Hei dierf dann awer näischt Ongewolltes op der Foto sinn.

**Ech hunn eng Linn um Bord vu mengem Design an ech kréien se net fort.**

Kanns du se ausserhalb vun der Matt placéieren? Alles wat iwwer d'Matt eraus geet gëtt net geschnidden. Wenn dat net geet, da muss du eng frësch Foto maachen ouni dës Linn.

## Zum Schneideplotter

**Bluetooth verbënnt sech net.**

Als éischt natierlech kucken ob de Bluetooth um Smartphone/ Tablett/ Computer/ Laptop un ass. Wenn de Problem beim Schneideplotter läit, dann hëlleft et de Bluetooth Status um Ecran ze verstoen.

- Wäiss: Bluetooth ass aus.
- Blo blénkend: De Schneideplotter siicht no enger Bluetooth Verbindung.
- Blo dauerhaft: De Schneideplotter ass mat engem Gerät verbonnen. Wenn de Schneideplotter scho mat engem anere Gerät verbonnen ass, da kann e sech net vu selwem nei verbannen. Dofir muss du de Bluetooth eng Kéier un an aus maachen.

Fir de Bluetooth un an aus ze maachen, dréck op d'Bluetooth Symbol um Ecran vum Schneideplotter.

**D'Messer schneit net méi.**

Et ka sinn datt sech Pech um Messer ugesammelt huet. Do kann een virsichteg d'Spëtzt vum Messer propper reiwen.

## Zum Textildrock

**D'Textilfolie hält net gutt um Stoff.**

D'Folie am beschten a méi Etappen um Stoff fixéieren. Just Stécker, déi sou grouss si wéi d'Heatpress, op de Stoff leen.

Zousätzlech geet et och besser de Stoff scho mol gewäsch gouf.